



## Schëfflenger Jugendhaus

D'Equipe vum Schëfflenger Jugendhaus freet sech dech als Member am Jugendhaus ze begréissen an heescht dech häerzlech wëllkomm.

D' Jugendhaus ass op fir all Jugendlech tëschent 12 an 26 Joer.

Fir den Zougang an d'Jugendhaus ze kréien, soll all Jugendlechen eng Memberskaart maachen. Den Umeldungsziedel kritt een beim pädagogeschen Team am Jugendhaus oder op dem Site: <http://www.schefflenger-jugendhaus.lu>

Den Formular muss een ausgefëllt am Jugendhaus ofginn an dann kritt een eng Kopie vun den Verhalensregelen/Hausregelen.

Als Member kann een d'Raimlechkeeten (Musekssall, Klammsall, Danzsall, Kichen etc.) benotzen, un den Aktivitéiten deelhuele an vun all aneren Projet'en profitieren. De Programm vun den Aktivitéiten an Projet'en kritt een am Jugendhaus.

D'Memberskaart kascht fir all Jugendlechen tëschent 12 an 13 Joer 3,- Euro an fir all Jugendlecher ab 14 Joer 4,- Euro. Déi Memberskaart ass dann fir ee Joer gëlleg.

Emol am Mount gëtt eng Jugendversammlung organiséiert. Et ass wichteg dorun deel ze huelen, esou dat jiddereen seng Meenung ka soen, Virschléi ka maachen an iwwert de Programm am Jugendhaus informéiert gëtt. De Programm gëtt regelméisseg am Jugendhaus an op der Homepage verëffentlecht.

### **Respekt:**

D'Jugendhaus ass eng öffentlech Plaaetz, wou jiddereen respektéiert an toleréiert gëtt. Et gëtt keng Plaaetz fir Diskriminatioun op Grond vun der Rass, dem Geschlecht oder der reliéiser Iwwerzeugung. Respektvollen Ëmgang tëschent dem Jugendlechen an dem Personal ass eng Voraussetzung. Et gëtt keng Gewalt toleréiert, egal an wéi enger Form, physisch, verbal oder mental...

Jiddereen huet dat Recht seng Meenung fräi ze äusseren an seng Iddien auszudrécken.

Am Jugendhaus ass eng Bar mat Gedrénks, ouni Alkohol. D'Jugendhaus gëtt kee Kredit. Den Dréck gehéiert an déi entsprechend Poubelle. Vergiess net dat all Saachen am Jugendhaus net deng privat Saachen sinn. Den ganzen Inventar, (Miwwel, Billard, Pinp-pong, Kicker, Tele etc.) gëtt respektéiert.

Verhaalt iech verantwortungsbewusst am an virum d'Jugendhaus.

## Eis Regeln:

1. Et ass verbueden am Jugendhaus ze fëmmen an och den Konsum, Verkaf an Handel mat Alkohol oder aneren Drogen (legal an illegal) op dem ganzen Terrain vum Jugendhaus ass strengstens verbueden.
2. Den Accueil ass eng Plaatz fir déi Jugendlech. Hei ass eng Plaatz fir den kommunikativen Austausch an fir ze spillen (Billard, Kicker, Ping-pong etc.). Aner Raimlechkeeten sinn den Danzraum, den Museksatelier, den Vëlosatelier, den Versammlungssall, de Klammraum an d'Kichen.
3. Mer proposéieren all Jugendlechen déi méi al sinn wéi 16 Joer eng benevol Formatioun als Animateur ze maachen. Fir méi Infoen kontaktéier d'pädagogesch Personal am Jugendhaus.
4. Beim Verstouss géint d'Regelen folgen eis Sanktiounen (Verwarnung, begrenzten Ausschluss oder endgëltegen Ausschluss vum Jugendhaus, ofhängeg vun der Gravitéit vum Regelverstouss vum entspreechenden Verhalen).
5. Diere sinn am Jugendhaus net erlaabt.

\_\_\_\_\_Heimat stëmmen ech den Aussoen zou, akzeptéieren d'Regelen an d'Uweisungen vum pädagogeschen Team vum Jugendhaus. Ech sinn domat averstan dat d'Jugendhaus Fotoen vu mer mécht, an si fir hier Dokumentatioun notzt.

\_\_\_\_\_Ech sinn net domat averstan.

Soubal mer d'ënnerschriwwent Dokument an d'Participatioun kritt hunn, bass du Member am Schëfflenger Jugendhaus.

Numm:

Virnumm:

Adress:

L-:

Tel:

GSM:

Gebuertsdatum:

Nummer vun der Carte de la sécurité sociale:

Ënnerschrëft:

Member zënter:

Ënnerschrëft/Tuteur:

Fir d'pädagogesch Institutioun: